Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Vu realen a surrealen Zuelen

## Carte Blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

11.02.2015

*Virun puer Wochen huet d'Regierung jo en Accord mat den Reliounsgemeinschaften ennerschriwwen. Och an Zukunft kréien déi also Suen vum Staat, wann och manner wi virdrunn. Iwwert d'Opdeelung vun deenen Suen mecht sech den Dr. Laurent Schley, President vun AHA, puer Gedanken a senger Carte blanche mam Titel „Vu realen a surrealen Zuelen".*

Laut deem faméisen Accord tëscht Regierung a Reliounsgemeinschaften, deen wuel ee Fortschrëtt, mee keng Trennung vu Kiirch a Stat duerstellt, ginn an Zukunft nach 8.975.000 EUR Steiergelder pro Joer un d'Reliounen ausbezuelt: tëscht 125.000 an 450.000 EUR fir de Culte israélite an di orthodox, di protestantesch an di anglikanesch Kierchen. 450.000 EUR och un deen nei conventionnéierten Culte musulman, an natiirlech, net ze vergiessen, 7.350.000 EUR un d'kathoulesch Kierch.

D'Verdeelung vun deene Suen ass reng arbiträr, well et jo gesetzlech verbueden ass, d'Leit hei am Land no hierer Reliuounszougehéiregkeet oder Net-Zougehéiregkeet ze froen, fir sou d'Memberszuelen vun deene Reliounen ze ermëttelen.

Och ouni dass Memberszuelen bekannt waren, krut d'kathoulesch Kierch tëscht 1998 an 2014 laut Budgetsgesetzer an der Moyenne ronn 20 Milliounen EUR d'Jor, am ganzen ronn 300 Milliounen EUR ausbezuelt, fir hire „Ministres des cultes" hir Salairen, wi den Artikel 106 aus der Verfassung dat virgesäit. Bezuelt goufen mat deene Suen awer niewt de Paschtéier och anert Personal wi Sekretariatsposten, a.s.w. Erstaunlech, well e Geriiichtsuurteel mat Jurisprudenzcharakter am Kader vum Artikel 145 vum Code pénal nämlech laang virun 1998 den Terme „Ministres des cultes" prezis definéiert huet: dat wieren eenzeg an alleng di sou-genannte Geeschtlech. Wann ee weess, dass vun deem bezuelten Personal vun der Kierch just ronn een Drëttel dëser Geeschtlecher sinn, da kinnt ee sech mol d'Fro stellen, ob d'kathoulesch Kierch net tëscht 1998 an 2014 laut där Definitioun ronn 200 Milliounen EUR Steiergelder zevill ausbezuelt krut. Einfach surreal. Verantwortlech heifir wieren divers CSV-Kultus-Ministeren gewiescht, di d'Definitioun aus deem besote Geriichtsuurteel also bewosst oder aus Onwëssen raus ignoréiert hätten.

Ein Schelm, wer Böses dabei denkt.

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

An Zukunft soll de Montant vu 24.000.000 EUR, deen de Moment pro Joer un kathoulesch Kierch bezuelt gett, an enger Iwwergangszäit vu 17 Joer op 7.350.000 EUR rofgoen. Vu que dass op Grond vu massiven Austrëtter aus der Kierch an dem generellen Mangel un Interessi um Reliéisen a 17 Joer souwisou just nach ee Mini-Brochdeel vun deem Personal gebraucht gett, wat haut vum Stat bezuelt gëtt, wäerten si also och weider hiert Personal kenne vun deene Sue bezuelen di se dann nach kréien. Also deet deen neien Accord och a 17 Joër der kathoulescher Kiirch net wiirklech wéi. Dorunner ännert och den Hollywood-räifen Optrëtt vum lëtzebuerger Katholikechef a senger gäre gespilltener Opfer-Roll virun de Kameraen näischt.

Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l. (AHA), www.aha.lu
Member *Alliance for a Secular Europe*
Member *European Humanist Federation*
Member *International Humanist and Ethical Union*

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu